PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 169/2021
- 8 MARS 2021
A traiter par:
Copie à:

n° 3800

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 16:52, 08/03/2021

Lëtzebuerg, den 08/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

2018 sinn Zuele vum EPRS no 3.5 Millioune Geessen a Schof, 4.3 Millioune Kéi, 33.4 Millioune Schwäin an 1 Milliard Gefligel an der Europäescher Unioun vun A no B transportéiert ginn. Duerch dës Transporter vu liewegen Déiere goufen 2018, 8.6 Trilliounen Euro erwirtschaft.
Och vu Lëtzebuerg aus maachen sech Déierentransporter op de Wee an d'Ausland an och duerch Lëtzebuerg fueren Transit-Transporter an aner Länner.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Déierentransporter hunn sech 2020 vu Lëtzebuerg aus, op de Wee an d'EU-Ausland gemaach (opgelëscht no Typ an Unzuel)?
   Wéi vill Déierentransporter hunn sech 2020 vu Lëtzebuerg aus, op de Wee an d'Net-EU-Ausland gemaach (opgelëscht no Typ an Unzuel)?

2. Wéi al waren dës Déieren am Duerchschnëtt?
   Wéi al war dat jéngsten Déier?

3. Wéi vill Déierentransporter hunn 2020 Lëtzebuerg als Transitland uginn?
   Wéi eng Déiere goufen esou duerch Lëtzebuerg transportéiert (opgelëscht no Typ an Unzuel)?

4. D'Veterinärsinspektioun ass zoustänneg, fir d'Déierentransporter ze iwwerpréiwen.
   Wéi vill Export-Transporter goufen an deene leschte 5 Joer kontrolléiert ?
   Wéi vill Transit-Transporter goufen an deene leschte 5 Joer kontrolléiert?
   Wéi stellt sech dat prozentual zu der Unzuel un Transporter duer?

5. An Bayern huet ee Geriicht am Januar den Transport vun 30 trächtege Kéi a Kasachstan erlaabt, dëst well d'Kéi 48h Stonnen an Ungarn gepaust hunn, an et esou net méi als Transport vun Däitschland a Kasachstan mee nëmmen vun Ungarn a Kasachstan zielt. Ënnert anerem dowéinst gëtt elo op EU Niveau, iwwert eng Ofännerung vun de Reegelungen zu Déierentransporter diskutéiert.
   Huet de Minister Kenntnis iwwert d'Aarbechten an dësem Untersuchungsausschuss?

Wat gouf bis well an dësen Diskussioune festgehalen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 09 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3800 du 08.03.2021 de Monsieur le Député Marc Goergen - Transports d'animaux

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 109121

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 26 mars 2021

Objet: Question parlementaire n° 3800 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n°3800 de l'honorable Député Monsieur Marc Goergen

1. **Wéi vill Déierentransporter hunn sech 2020 vu Lëtzebuerg aus op de Wee an d'EU-Ausland gemaach (opgelëscht no Typ an Unzuel)?**
   Wéi vill Déierentransporter hunn sech 2020 vu Lëtzebuerg aus op de Wee an d'Net-EU-Ausland gemaach (opgelëscht no Typ an Unzuel)?

   Déierentransporter 2020 an d'EU-Ausland (opgelëscht no Typ an Unzuel):
   Geessen a Schof: 30
   Kéi: 2472
   Schwäin: 420
   Gefligel: 101

   Déierentransporter 2020 an d'Net-EU-Ausland (opgelëscht no Typ an Unzuel):
   Geessen a Schof: 1
   Kéi: 1
   Schwäin: 0
   Gefligel: 0

2. **Wéi al waren dës Déieren am Duerchschnëtt?**
   Wéi al war dat jéngsten Déier?

   Et gëtt keng Datebank, wou een den Duerchschnëttsalter vun den Déiere ka gewuer ginn. Déi jéngsten Déieren haten 2 Wochen.

3. **Wéi vill Déierentransporter hunn 2020 Lëtzebuerg als Transitland uginn?**
   Wéi eng Déiere goufen esou duerch Lëtzebuerg transportéiert (opgelëscht no Typ an Unzuel)?

   2020 huet keent Land Lëtzebuerg als Transitland uginn.

4. **D'Veterinärsinspektioun ass zoustänneg, fir d'Déierentransporter ze iwwerpréiwen.**

   Wéi vill Export-Transporter goufen an deene leschte 5 Joer kontrolléiert?
   Wéi vill Transit-Transporter goufen an deene leschte 5 Joer kontrolléiert?
   Wéi stellt sech dat prozentual zu der Unzuel un Transporter duer?

   Bei den Export-Transporter ginn 100% kontrolléiert. Iwwert déi lescht 5 Joer waren dat der am Ganzen 16462.
   Vun deenen 51 Transit-Transporter déi lescht 5 Joer sinn 0% kontrolléiert ginn.

5. **An Bayern huet ee Geriicht am Januar den Transport vun 30 trächtege Kéi a Kasachstan erlaabt, dëst well d'Kéi 48h Stonnen an Ungarn gepaust hunn, an et esou net méi als Transport vun Däitschland a Kasachstan mee nëmme vun Ungarn a Kasachstan zielt. Ënnert anerem dowéinst gëtt elo op EU Niveau iwwert eng Ofännerung vun de Reegelungen zu Déierentransporter diskutéiert.**
Huet de Minister Kenntnis iwwert d'Aarbechten an dësem Untersuchungsausschoss?
Wat gouf bis well an dësen Diskussioune festgehalen?

Souwuel um Niveau vun der Kommissioun wéi och an engem Ausschoss vum Europaparlament lafen den Ament Diskussiounen, fir déi ablécklech Reglementatioun op verschiddene Punkten ze änneren respektiv ze preziséieren. Hei goufen och eng Rei Avisen bei der Europäescher Agence fir Liewensmëttelsécherheet (EFSA), déi ënner anerem och fir den Déiereschutz zoustänneg ass, ugefrot. Op Hand vun deenen Avisen wäerten dann Upassunge vun der Reglementatioun kommen, déi an de nächsten 2 Joer geplangt sinn .